

# LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force



Terre Rapatriée  
10. 5. 1988  
Kirsanow/Tambow

**No 6/ 1988**  
**Nov.-Décembre**

27e année

Fédération :  
9, rue du Fort Elisabeth  
Luxembourg





## Journée commémorative der «Amicale des Anciens Prisonniers de Tambow»

Den sogenannten „habitués“ schien es am vergangenen Samstag, 5. November 1988, als habe man sich erst vor kurzem bei selbiger Gelegenheit, u.z. zur traditionellen Gedenkfeier getroffen. Und dennoch ist wiederum ein ganzes Jahr verflossen. „Schon erëm e Joer méi al, mä frou a glécklech nees eng Kéier derbäi ze sin“, – sagte mir gar mancher, als man sich vor der „Garer Kiirch“ traf.

Dieses Mal trug der Tambower Gedenktag einen besonderen Charakter und zwar dadurch, daß die Zeremonie der Beisetzung einer Urne im „Monument National de la Solidarité luxembourgeoise“ stattfand, eine Urne gefüllt mit Erde von den Gräbern der in Kirsanow bestatteten Zwangsrekrutierten, die in der Gefangenschaft starben.


Eingeleitet wurde die „Journée“ mit einem feierlichen Gedenkgottesdienst, welcher, wie seit 1952 üblich, vom Tambower Kamerad, jetzigem Ehrenprofessor Marcel Ripp um 10.30 Uhr in der Herz-Jesu-Kirche im Luxemburger Bahnhofsviertel zelebriert wurde. Assistent war Abbé

Marcel Ripp von Domprobst und Dechant Jean Heinisch und Professor Jacques Ludwig. Die Messe wurde gesungen vom Chor der Tambower unter Leitung von Christophe Goedert und war musikalisch gestaltet mit Orgelspiel und Einlagen des Streichorchesters der Militärmusik. Die „Sonnerie Nationale“ spielte Erny Hammes.

In seiner Homilie wies Abbé Marcel Ripp auf die Tatsache hin, daß weder die Familienangehörigen der in Rußland verschollenen und der dort begrabenen Zwangsrekrutierten, noch diejenigen, die das schwere Los der Zwangsrekrutierung mit ihnen teilten, in der Lage sind, sich zu den Gräbern der Toten zu begeben. Es sei deshalb mehr als nur symbolische Bedeutung, wenn unlängst Kameraden Boden vom Friedhof in Kirsanow auf den Gräbern der dort ruhenden Zwangsrekrutierten entnahmen und mit nach Luxemburg brachten. Die Beisetzung der mit Erde gefüllten Urne im nationalen Monument auf dem „Kanounenhiwwel“ versinnbildliche enge Verbundenheit mit den toten Kameraden über die Gräber hinweg.

(Fortsetzung folgt in der nächsten Nummer)

D'Bild op der Titelsäit weist eisen Tambower hir Urn, an där Buedem vun de Jongen hire Griewer as, déi a Russland begreuwe sin. Dës Urn sollt de 5. November 1988 am Monument vun der nationaler Solidaritéit um Kanounenhiwwel bäigesat gin. Well awer Ament keen am Stat zoustänneg as, fir déi entspriechend Autorisatioun ze erdeelen, konnt d'Urn nët am Nationale Monument bäigesat gin.



## Journée commémorative nationale des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force

(Fortsetzung aus No 5/1988)

Um 16 Uhr fand in der „Garer Kiirch“ ein Gedenkgottesdienst statt. Am Altar stand unser Kamerad, Ehrendechant Michel Behm. Einleitend entschuldigte er Mgr. Jean Hengen, Erzbischof von Luxemburg und führte dann folgendes aus:

„Mir sin hei zesummen an Eenegkeet fir beim Gedenken un d'Ereegnësser vum August/September 1942 an deenen hire Follegen elo virum Härgott ze stoën an d'Sonndesmass ze feiern. Erënnerongen un déi tragesch Evénementer déi d'Jongen an d'Meedercher erliewt hun, un all dat Leed, wat iwwert äis an eis Familien an iwwert d'ganzt Land eragebrach war. Erënnerung un déi laang a batter Joëren an der Friemt, verschleeft, verlooss, gepéngcht, geplot a verwonnt. All dat steet virun äis. An dann déi vill, déi nët méi heemkomm sin, déi irgendwéi wäit vun doheem a friemem Buedem leien, nët emol dat allergeréngst drop hinweist, wou si hir lescht Rou fond hun, mä dann awer och denke mer un déi sëllegen aus de Reie vun de Jongen a Meedercher, déi äis zënter Krichsenn bis op den heitegen Dag leider vill ze fréi am Dout viiropgaange sin. Am Joër 1987 waren et der 364, an haut um 255. Dag vum Joër 1988 sin der schon nees erëm 272 gestuerwen.“

All dat Leed droe mir haut viirun den Härgott, wa mir him begéinen an dëser Mass. Gottes Sonn huet och gelidden; hien hung um Kräiz an duerfir erënnere mir äis u säin Affer. A mir biede séng Mamm, d'Maria, eis Tréischterin, si soll äis dobäi hëllefen, esou wéi si äis am Krich gehollef huet.

Elo grad hu mir si gegréisst: Ave spes nostra. Si war deemols an as och haut eis Hoffnung. Si soll äis bei den Härgott leeden a féieren, a jidderzäit bei him fir ons antrieden.“

Die musikalische und gesangliche Gestaltung der Gedenkmesse besorgten der Chor der Zwangsrekrutierten und Patrick Colombo auf der Orgel. Unter Leitung des Kameraden Paul

### Inhalt:

Journée Commémorative der «Amicale des Anciens Prisonniers de Tambow»  
Journée Commémorative nationale des E.d.E.F.  
En souvenir de Emile Tompers  
Tambow - Reisebericht  
Cérémonie du Souvenir à Clervaux  
Complément différentiel -  
Question parlementaire  
Voeux de Nouvel An

Fédération des Victimes du  
Nazisme Enrôlées de Force,  
Association sans but lucratif  
Siège: Luxembourg, 9, rue du  
Fort-Elisabeth. - Boîte postale  
2415 Luxembourg-Gare.  
C.C.P. 31329-95

Banque Intern.: 5-217/4546  
Rédaction du bulletin bi-mes-  
triel «Les Sacrifiés, Luxbg.,  
9, rue du Fort Elisabeth,  
Boîte postale 2415  
1024 Luxembourg

Service social aux Enrôlés de  
Force, 9, r. du Fort-Elisabeth,  
Luxembourg-Gare  
Tél.: 48 32 32.

L'Association des Parents des Déportés Militaires Luxembourgeois, Secrétariat: 9, rue du Fort Elisabeth, Boîte postale 2415, Luxbg-Gare – l'Amicale des Anciens de Tambow, Secrétariat, Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, ccp 24007-48 – l'Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme, Secrétariat: Luxbg, 9, rue du Fort Elisabeth, B.P. 2415, Luxbg-Gare, ccp 31 324-90 – Association des Survivants des Enrôlés de force, a.s.b.l., Siège: Luxbg, 9, rue du Fort Elisabeth. La correspondance est à adresser à Mme Josée Reeff, 11, rue. de Moutfort, L-5355 Oetrange, Tél.: 350 14.

Impr. Hermann, Luxbg



Nilles wurde die "Missa Brevis" von E. Bronner gesungen, sowie verschiedene andere mehrstimmige Einlagen. Die Homelie von Michel Behm hatte folgenden Wortlaut:

«Seele stin zwee Passagen aus der helleger Schrëft (Is. 49, 13-15 a Jn. 19, 25-27), esou am Géigesaz wéi mir et elo an de Liesunge héieren hun. De Prophét Jesaja rífft op zur Freed iwwert den Härgott, dee fir Leed en Troust huet; dee versprach huet, séng Kanner ni ze vergiessen. An dann den Auszug aus dem Evangelium, dee mir all kennen, wou de Jesus a séngem gréisste Leed um Kräiz hängt a séng Mamm ënner dem Kräiz steet. Freed a Leed esou no bei eneen!

Jo, och mir duerfe frou sin, mir kënne frou sin, well schons méi wéi 40 Joër dat Leed en Enn fond huet, wat iwwert eist Land a séng Leit eragebrach war. Den Härgott huet d'Onrecht besät. En huet äis d'Fräiheet erëmginn. No der Stonn vum Kräiz kouw och d'Freed vun der Operstéiung. Awer grad wéi ëmmer nees dëse Passage am Evangelium iwwert d'Leed vu Christus a sénger Mamm viirgeliess gët, sou as et och mat deem Leed, wat an de Krichsjöeren iwwer äis eragebrach war. Et bleiwt dat däischtert "Sech-Erënneren"; et beiwt dat Leed, wat eng Kéier geschitt as; et bleiwen déi Wonnen, déi geschloe goufen; et bleiwt d'Erënnerung un déi vill, dienen et nët vergonnt war heem an d'Fräiheet ze kommen, déi, wou keen hiert Graw kennt. Awer si si nët vergiess. Si si bei äis. Si stin an eiser Mëtt. An hinne gi mir eist Versprieche; Ärt Affer war nët ëmssoss. Den Härgott huet et gesin, den Härgott huet et ugeholl. Hie gët hinnen de Loun derfir.

Mir awer, déi mir dës Stonn kënnen erliewen, mir mussen zesummenstoan an a Solidaritéit schaffen, fir datt esou däischer Stonnen wéi deemols nët méi erëmkommen. Duerfir musse mir äis asetzen; duerfir biede mir zu eiser Härgott a bauen op d'Hëllef vun eiser Patréinesch. Si as d'Mamm, déi hir Kanner nët vergiess, et siew mir géinge si vergeiessen."

Allemaal markerschütternd ist das vom Chor vorgetragene Lied "Un eis Jongen '1940-1945'", Text und Musik von René Schmit. Manches Auge füllte sich mit Tränen, als zum letzten Mal der Refrain: „Léiwen Härgott, schenk de Jongen d'eiweg Rou an Himmelsfreed. Well si woren all gezwongen, an enger Zäit vu Kräiz a Leed!" verklungen war. Zum Schluß des Gedenkgottesdienstes sangen alle Teilnehmer die letzte Strophe der "Hémecht".

Gleich anschließend gab die "Dikrecher Garnisounsmusék" unter Leitung vom Kameraden Josy Comes auf dem Parvis der "Garer Kiirch" ein bemerkenswertes, patriotisches Konzert. Danach bildete sich der Festzug, vorauf die Fahnen und die "Dikrecher Garnisounsmusék". Imposant ist auch allemal die Länge des Festzuges, in welchem sich die Teilnehmer an der

"Journée commémorative nationale des enrôlés de force" zum "Kanounenhiwwel" begeben, um sich an der Schlußzeremonie vor dem "Monument Nationale de la Solidarité Luxembourgeoise" zu beteiligen. Hier hatten sich Kammerherr Paul Reuter, Zwangsrekrutierter, als Vertreter des großherzoglichen Hofes, Kammerpräsident Léon Bollendorff, Staatsminister Jacques Santer, Innenminister Jean Spautz, sowie die Deputierten Pierre Frieden, Nicolas Majerus, Dr. Jean Goedert und Alphonse Theis eingefunden.

Eröffnet wurde die Gedenkfeier auf dem Heilig-Geist-Plateau von der „Dikrecher Garnisounsmusék“. Alsdann hielt Nationalpräsident Jos. Weirich folgende Ansprache:

«Iech all, déi der iech och dëst Joër déplacéiert hut fir haut hei derbäi ze sin, en häerzleche Merci. Merci onsem Herrscherhaus, dat duerch säi Verrieder, den Här Paul Reuter, chambellan, fréieren Ambassadeur zu Moskau a selwer en Enrôlés de Force, sech mat ons solidaresch weist, fir d'Undenken an d'Erënnerung un d'Lëtzebuerger Krichs- a Naziaffer héich ze halen. Et as jhust d'Generatioun vun onsem Grand-Duc JEAN, déi déi gréissten Zuel vun den Affer duerstellt. Mir erënneren haut nët nëmme un ee verdéingschtvolle Patriot, mä un all déi vill gutt Lëtzebuerger, déi hirt Liewe op déi verschiddenst Manéieren an ënnerschidleche Situatiounen op deenen all Lëtzebuerger bekantene Plazen uechter Europa fir eis Heemecht gin hun, oder un de Follege vun deem Erliddenen ze fréi gestuerwe sin.

Dës Journée commémorative nationale vun den Enrôlés de Force kann an däerf nët aus dem Kalenner vun de järelechen Erënnerungsfeiere verschwannen. Och wann déi vun der Krichsgeneratioun enges Dags nët méi untriede kënnen, wär et Verrod un deenen, déi mat hirem Liewe äis Onofhängegkeet a Fräiheet erëmkaaft hun, wann eis responsabel Verrieder vu Staat a Land dës Gedenkzeremonien nët weider féire déiten.

Mir fréen äis a fillen ons geéiert, dat den Här Léon Bollendorff, éischte Bierger vun Land a Châmbrepräsident drop hält, a mat sénger Präsenz drop besteet, dës héich Corporatioun hei ze verrieden. Domadden dréckt hien d'Unerkennung vun onse "Morts pour la Patrie" aus.

Ganz besonnesch begrëisse mir onse Staatsminister, den Här Jacques Santer, a soën him merci, datt och hien un dëser Commémoratiounsfeier deelhell. Domadder ënnersträicht hien, datt eng Regierung, présidéiert vun engem, deen nët zu der geaffterten Generatioun gehéiert, de Wärt vum Affer fir d'Heemecht schätzt an héich hält. Hien huet an de vergaangene Joeren zu der Léisong vu Problemer am Zesummenhank mat der Zwangsrekrutierung e ganz konkrete Bäidrag geleesch. An deem Zesummenhank siew drun erënnert, datt hien eréischt

kierzlech perséinlech eng Préambule ënnerzeechent huet, déi elo oplärend zu de Statute vun der Stëftung gehéiert, déi fir d'Verwendung vun deenen 12 Milliounen DMark aus Däitschland verantwortlech as. Domat as wéinegstens op réng nationalem, lëtzebuergeschem Plang e weidert wichtegt Dokument geschafte gin, a wat de völkerrechtswidrege Charakter vun der Zwangsrekrutierung ënnermauert. An dëst ganz am Géigendeel zu der Bundesrepublik Däitschland, déi, trotz alle mëndlechen Aussoën, sech weigert, d'Verschleefung vun der Lëtzebuerger Jugend an d'preisesch Arméi juristisch als e Krichs- a Naziverbrieche unzeerkennen.

Ons Gefaalen an ze fréi verstuerwe Komerode gin zousätzlech geéiert durch d'Präsenz vun dem Innenminister Jean Spautz, den Deputierten Dr. Jean Goedert an Alphonse Theis an de Komeroden Deputierten Néckel Majerus a Pierre Frieden. Hinnen as de Merci vun den Hannerbliwwenen an den lwwerliewende gewëss.

Merci onse geeschleche Komeroden, déi a Verriedung vum Mgr. Jean Hengen, Erzbischof vu Lëtzebuerg, — hie konnt haut nët derbäi sin, — an treffende Wierder a Gebieder den Härgott bidden, all onse léiwe Verstuerwenen den éiwege Friden ze gin. De selwechte Merci geet un de Groussrabbiner Dr. Emmanuel Bulz. Hie steet all Joers an eiser Mëtt a gedenkt alle Lëtzebuerger, déi duerch de Naziterror ëm d'Liewe si komm.

Merci och de staatlechen a Geméngenautoritéiten, deenen hir Verrieder mat hirer Präsenz nët nëmme hir Sympathie de verstuerwenen a liewenden Enrôlés de Force géintwärtig ausdrécken, mä déi och behëlleflech sin, fir datt dës Journée op alle Pläng schéin a wierdeg kann oflaafen.

E wärmste Merci awer och all onse Frënn aus der Résistenz, deenen hir Verrieder haut hei bei ons sin. Vill vun hire Beschte sin nët méi ënner ons, an munnech aneren hier Gesondheet erlabt et hinne nët méi heihin ze kommen. Am Geescht si mir mat hinne verbonnen. Zesumme wëlle mir weisen a speziell de jéngere Generatiounen, datt déi Solidaritéit, déi a schwéierster Zäit gebuere gouf, och nach haut weider besteet.

D'Fräiheet an d'staatlech Onofhängegkeet, déi esou vill Leit haut als eng Selbstverständlechkeet gesin, konnt nëmme erëmgewonnen gin, well am richtege Moment genuch hirer Viirfueren do waren, fir dem Ennerdrécker d'Stier ze bidden, fir Meedercher a Jongen ënnert dem Asaz vun hirem Liewen dem Preis ze enträissen, déi d'Heemechtsléift an Eegestännegkeet vun de Lëtzebuerger iwwert d'Grenzen an d'Mieren ewech bekanntgemat hun.

An dann zum Schluß awer och all deene sëlwechen e grouse Merci, déi mathellefen dës Zeremonie wierdeg ze gestalten an ze réalisieren.

Dat sin: d'Dikrecher Garnisounsmusék ënnert der Leedung vun eiser Komerod Josy Comes; de Clairon d'Honneur Johny Schmidt deen ni refuséiert, wann et heescht d'Undenken un d'Krichs- an d'Naziaffer opliewen ze loossen; d'Chorale vun den Zwangsrekrutierten, déi mat hirem Gesank eis Journée agréabel verschéinert; d'Polizei an d'Presse; d'Leit, déi mat äis sympatisieren. A schlussendlech si dir et, léif Kommerodinnen a Komeroden.

Gewëss et feelen der vill, déi haut och missten hei sin. Nët wéinst äis, den lwwerliewende missten se hei sin, mä wéinst deenen, déi esou vill Guddes fir eist Land gemaach hun; mat deene si eemol gestriden a gelidden hun; déi zesumme mat hinnen frou, glécklech mä och déi batterste Stonnen erliewt hun; fir déi si vläicht eemol gesot a geschriwwen hun si géiwe se ni vergiessen an dann awer haut llicht eng Entschëllegong fannen, fir nët brauchen hei derbäi ze sin.

V'läicht gin haut schon aner Ursache fond, fir d'Undenken un d'Affer vum leschte Krich nët méi an aller Opriichegkeet waach ze halen? Et gi wirtschaftlech, zwëschestaatlech an europäesch lwwerlängen ugestalt. D'accord! D'Welt bleiwt nët stoan an et kann nët ëmmer nëmme an d'Vergaangene gekuckt gin. Zesummenarbecht an de Bléck an d'Zukunft sin absolut noutwenneg.

Awer, hu mir e Recht ze vergiessen? Steet äis d'Recht zou, déi ze vergiessen, déi mat hirem Blut, mat hirer Gesondheet et iwwerhaupt eréischt méiglech gemaach hun, dass erëm en eng glécklech an zefriddestellend Zoukunft gekuckt ka gin? Därf nët méi dorunner erënnert gin? Därf nët méi un all déi immens Affere vun deemols erënnert gin? Well haut ökonomesch Verbindungen an sossweil Interessen eist Liewen, eise Staat an eist Land beaflossen, soll duerwéint nët méi un dat erënnert gin, wat viiru 45 Joer ons Heemecht bal ausbludde gedoen huet? Muss haut, aus wafir Grënn och ëmmer, d'Affer den Henker ëm Verzeiung biede goen? Därf haut d'Wourecht nët méi haart a riichter aus gesot gin?

Eebe grad duerfir sin all déi an den Doutgaangen, deene mir haut an hei gedenken. Wéinst der Wourecht? Wa mir haut schon erëm d'Wourecht nët méi därfe soën, dann, dir Damen an dir Hären, waren hiren Affer ëmssoss!

Well dat nët de Fall as, well et nimols duerzou kommen därf, duerfir sti mir hei. Mir all wëllen äis asetze, fir datt d'Wourecht iwwer hir Affer erhaale bleiwt, datt hiert Undenke an Éieren erhale bleiwt; datt vill gutt Lëtzebuerger hiert Liewe hier gin hun, fir datt eise Grand-Duché als fräien, onofhängege Stat an enger fräier Volléksgemeinschaft ka weider bléien. De Sënn an den Zweck vun den Enrôlés de Force hirer Journée





commémorative nationale as et, un déi ze erënnere, deene mir an ons Nokommen alles ze verdanken hun."

Zum Abschluß seiner Ausführungen, dankte der Nationalpräsident in französischer Sprache den «Malgré-Nous» aus dem nahen Lothringen dafür, daß sie keine Mühe scheuten um an der Gedenkzeremonie teilzunehmen.

Überdem die «Garnisounsmusék» einen Choral spielte, legten die Vertreter der «Amicale Albert Ungeheuer» ein Blumengebinde im Innern des Denkmals nieder. Danach wurde vom Föderationsvorstand unter Trommelwirbel und den Klängen der «Sonnerie aux Morts» ein Blumenkranz vor der Ewigen Flamme niedergelegt.

«Wa mir op dëser «Journée commémorative» virum Monument National de la Solidarité Luxembourgeoise versammelt sin, da steet viles virun eise geeschtegen Aën. Mir denken un all déi batter Ereegnësser aus dem lëschte Krich, wéi eis Heemecht an de Misär gestouss gi war, wéi d'Fräiheet vum Land a vu sänge Leit mat

Féiss gestouss as gin. Mir stin an Ergraffenheet virum Affer vun all deenen, déi hiert Liewen age-saat hun an et hu missten hiergin. A Solidaritéit also wëlle mir äis dorun erënnere an zu eiser Härgott bieten, speziell fir all déi, déi hiert Liewe verluer hun, fir all Krichsaffer aus der Heemecht, fir all déi, déi a friemen Buedem begruewe sin a mat der Heemechtsléft am Häerz gestuerwe sin. Aus den Déifte ruffen ech o Här zu Dir»

Nach diesen ergreifenden Worten vom Kameraden und Ehrendechant Michel Behm, ging die Gedenkstunde mit dem Abspielen der Nationalhymne zu Ende.

Nach einem Gang durchs Innere des Denkmals, und nach kurzer Besinnung, trugen die Teilnehmer an der Gedenkfeier sich ins Goldene Buch ein.

s.n

## Eng Erënnerungsplack fir eisen Nationalheld

### Emile Tompers

Fir déi Päreler Leit wäert de Sonndeg, 25. September 1988 nach laang an Erënnerung bleiwen. Wuel seelen huet d'Duerf esou e Mënschenoplaaf gesin wéi jhust deen Dag. Quasi d'gant Land huet sech un ee vu sänge Beschten erënnert, . . . un de Nationalheld Emile Tompers. Wéi Recht de Nékel Kremer hat, jhust dëse gudde Lëtzebuerger dem Vergiessen z'enträissen, dat as wuel munnech engem elo nodréglech eréischt richteg bewosst gin.

Bezeechent, mä zu déifst erschreckend si Froe, wéi mer se héieren hun: „Wat war da mat deem Mann lass? . . . Wat huet en da Besonnesches geleescht? . . . Firwat hun d'Preisen e gekäppt?“

Wann een dann och nach déi verständnësslooss Aë gesäit. wann een esou Leit seet: „Ma en huet mam Liewe bezuelt, well en am lëschte Weltkrich de Jonge gehollef huet, déi virun de Preisen op der Flucht waren,“ — da kann ee menger Werrecht verdrësslech gin.

An dach huet den Emile Tompers an säng Familjen zu deene villen oneegenëtzege gudde Lëtzebuerger gezielt, déi a batterster Nout am Ennergrond eise Lëtzebuerger Länche gewaltig Déngschter geleescht hun. Si waren, wéi et am franzéische „chant des partisans“ heescht: . . . les amis de l'ombre. . . .“

Wéiville Jongen den Emile Tompers a säng Familjen bis den 23. Februar 1944 gehollef hat, wosst nëmmen hien eléng. An en huet et mat an d'Graw geholl.

Op deem fatalen 23. Februar 1944 war d'Gestapo onverhofft zu Pärel opgekräizt an huet d'ganz Familje Tompers zesumme mat dräi jonke Refraktäre verhaft. No méintelaange Verhéieren an Haft op déi eis wuel bekannte Gestapomaniéier huet et da geheesch:

„Sondergericht“ vom 18. Juli 1944

Verräter am Volk zum Tode verurteilt. . . .

Am 18. Juli erging vor dem Sondergericht gegen den Schreinermeister Emil TOMPERS aus Perl, geb.



am 10.1.1911, verheiratet; und die Ehefrau Anna TOMPERS, geb. Thesen aus Perl, geb. in Neunhausen am 17.1.1916 folgendes Urteil:

Die Angeklagten haben von Juni 1943 bis zum Februar 1944 im Zusammenwirken mit anderen Personen, insbesondere mit dem Bruder Johann Peter des Angeklagten Emil TOMPERS, acht Fahnenflüchtigen oder Wehrdienstpflichtigen, die sich dem Wehrdienst entziehen wollten, in ihrem nahe der belgischen Grenze liegenden Hause durch Gewährung von Unterkunft und Verpflegung Beihilfe geleistet.

Dabei hat der Angeklagte Emil TOMPERS in dem Bewußtsein gehandelt, die deutsche Wehrmacht zu schädigen. . . .

Die Angeklagten haben im letzten Falle Fluchthilfe geleistet, obwohl ihnen eine zwei Tage vorher in der Presse erfolgte Veröffentlichung bekannt geworden war, nach der zwei Personen, die in ähnlicher Weise die Flucht von Deserteuren oder Wehrpflichtigen gefördert hatten, zum Tode verurteilt und hingerichtet worden waren.

Der Angeklagte Emil TOMPERS wurde daher wegen Feindbegünstigung, zugleich wegen Beihilfe



zur Fahnenflucht und wegen Erleichterung der unbefugten Abwanderung zum Tode verurteilt.

Die Angeklagte Anna TOMPERS wurde wegen Beihilfe zur Fahnenflucht, zugleich wegen Erleichterung der unbefugten Abwanderung zu zehn Jahren Zuchthaus verurteilt.

Die Ehrenrechte wurden dem Angeklagten Emil TOMPERS auf Lebenszeit und der Angeklagten Anna TOMPERS auf die Dauer von zehn Jahren aberkannt.

Esou einfach war dat fir déi Hären Däitscher, fir gutt a brav Lëtzebuerger zu Schwéiervbriecher ze stempelen. Et as dat eent vun deene grouse Verbriechen, déi d'Preisen un äis Lëtzebuerger begaangen hun, a wuefir si nimols och nach nët emol dru geduecht hun, fir em Verzeihung ze bieten. Mat esou Leit solle mir aner frau gin a sin? . . .

Nëmme jhust ee Mount virun der Liberatioun vun eisem Land duerch d'amerikanesch Truppe, gouf den Emile Tompers den 10. August 1944 am Alter vun 33 Joër zu Köln gekäppt. Wéi et bei de Preisen üblech war, huet et den Dag drop geheescht:

*"Am 18.7.1944 vom Sondergericht wegen Beihilfe zur Fahnenflucht, Zersetzung der Wehrkraft, Erleichterung der unbefugten Abwanderung und Mitglied einer illegalen Untergrundorganisation zum Tode verurteilt.*

*Das Urteil wurde rechtskräftig.*

*Die Hinrichtung fand durch das Fallbeil statt in Köln am 10. August 1944."*

Dem Emile Tompers séng Fra, d'Anna war an d'Konzentrationslager gehäit gin. Wéi si no Krichsenn erëm heemkoom, stong si mutterséilen eléng do mat hiren zwee Kanner, . . . . . eléng an der Welt a virum Näischt.

Et as jo scho gutt, a gewëss ni ze spéit, wann haut, 44 Joër duerno, ganz offiziell un esou Leeschtungen an Affer erënnert gët. D'Verdängschter em d'Heemecht ze wierdegen, ka ni falsch sin. Dee bekanntene "Mantel des Schweigens" an d'Vergiessen darf sech nët iwwer eng esou schrecklech, leedvoll Zäit bree-den, wéi se mat der preisescher Okkupatioun vun eisem Land iwwert eist Vollék eragebrach war. Datt et nach vill Leit am Land gët, déi där Meenung sin, gouf zu Pärel onmëssverständlech viirdemonstréiert.

Un der Aweihungsfeier vun der Plack um Haus Tompers zu Pärel hun ënner aneren deelgeholl de Statssekretär René Steichen, den Deputéierten a Komerod Edouard Juncker, d'Deputéierten Marie-Josée Jacobs, Jean-Pierre Dichter, Lucien Weiler, Ernest Petry, Charles Goerens a Camille Weiler. Vun der Resistenz, d'Häre François Goerens, Albert Hommel, Raym.

Schmit, Al. Raths. D'Enrôlés de Force hun d'grouss Majoritéit vun de Bedeelegten ausgemeat, de Fédérationscomité virop säi President Jos. Weirich an déi meeschte Sektionen aus dem Land haten hir Delegéiert an hir Fändelen op Pärel geschéckt. D'Amicale des Volontaires de Guerre 1944-1945 an Albert Ungeheuer hun hir Präsenz duerch hir Vertrieeder markéiert.

D'Feier huet um 17 Auer ugefaangen mat enger Gedenkmass. Si gouf zelebréiert vum Paschtouer Jos. Hansen, assistéiert vun de geeschtlechen Hären J.P. Grisius, Math. Fellens a Marcel Grethen, fir all Krichsaffer aus der Geméng. Gesonge gouf d'Mass vu ronn 12 Enrôlés de Force, déi un der Aweihungsfeier deelgeholl hun. — Et siew an dësem Zesammenhank drop opmierksam gemaach, datt et sech nët, esou wéi et am Lëtzebuerger Wuert ze liese stong, em de Kouer vun den Enrôlés gehandelt huet. Dien trëtt nëmme op, op der Journée commémorative nationale vun den Enrôlés de Force. (Et as dat hei eng Kloerstellung, nët méi a nët manner.) Als Solist huet den Här Ignace Pepin vun Déifferdang "O Mamm do uewen" a "Léif Mamm" gesongen. Zesumme mat den Enrôlés, déi présent ware, gouf d'Lidd «Un ons Jongen 1940-45» gesongen, dat staark beandrockt huet.

A sénger Homelie gong den Här Jos. Hansen op Geschéihe vun där schwéierer Zäit an, wéi mir se deemols erliewt hun. Méi besonnesch awer huet hien iwwer déi fantastesch Leeschtunge vum Emile Tompers a sénger Famille geschwat a frot: Wéi wëllt ons de Mond verbidden, haut, an wann et och schon 43 Joër hiersin? As et esou wäit, datt een d'Wourecht nët méi darf soen? War all dat Leed an déi immens Afferen émsoss? As dat eng Selbstverständlechkeet, wa jiddereen bei äis am land a Fräiheet liewe kann a soen darf, wat em grad gefällt? Fir datt dat esou as, duerfir huet ënner villen aneren, dausende gudde Lëtzebuerger den Emile Tompers säi Liewen hi gin. Fir dat Verbriech wat un him begaange gouf, huet nach bis haut kee Preis em Verzeihung gebieden.

No der Mass goufe virum Monument aux Morts Blumen néiergeluecht, iwwerdeem d'Pärelreler Musék d'Sonnerie aux Morts gespillt huet.

Gläich duerno, — an der Zwëschenzäit war et schon däischer gin, — gong e laange Cortège vun der Kiirch de Bierg erop bei d'Haus Tompers. Am Numm vum Organisationscomité (en huet jhust aus dräi Leit bestanen, a.z. Néckel Kremer, Jhemp Tompers a Marcel Reuter, mä si haten eng formidabel Organisationsarbecht gelescht; all Respekt!) huet de Néckel Kremer d'Festried gehalen. En huet un d'Evénementer erënnert, esou wéi se sech an de Joëren 1943 an 1944 zu Pärel zougedroen haten. Séng androcksvoll Ried ofschléissend sot hien: Eis Nokomme brauche nët an der Geschicht vu frieme Länner no Helden ze sichen, well d'Helde waren



ënner äis am eegene Land. An dat an enger Zäit wou d'Vollék ouni Hëllef eléng do stong, ouni Châmbre, ouni Regierung an ouni Parteien. Un den Historiker as et vun dëser Zäit en onverfälscht Bild opzezechnen an der Nowelt d'Wourecht ongeschminkt ze vermëttelen.

De Néckel Kremer huet da nach zwou Buettschafte verlies, déi éischt vun den dräi Resistenzkomeroden Jules Meyers, Charel Winandy a Marcel Barnich, an eng zweet an där de Marcel Reuter, Théophile Frising, Roger Liber, Camille Meyers, Aloyse Noesen, Aloyse Tompers a Matthias Regnery hire Merci ausdrécken, fir d'Hëllef

déi si vun der Familien a besonnesch vum Emile Tompers kruten.

No dem "Chant des Partisans", wat den Ignace Pepin gesongen huet, an dat engem duerch Muerch a Schank gong, huet dem Emile Tompers séng Fra, d'Anna a säi Bruder Jhemp d'Gedenkplack enthüllt.

Duerno goufe Blume néiergeluecht an d'Musék huet d'Heemecht gespillt. Mat enger Réceptioun am Centre culturel, wuer de Geméngerot invitéiert hat, gong dës eenzegarteg Aweihungs- a Gedenkfeier op en Enn.

## TAMBOW


Traum oder Wirklichkeit? Reisebericht über eine Rußlandfahrt 43 Jahre nach Kriegsende.

II

**Mittwoch, 11. Mai 1988.** Ohne allzu viel Schlaf, mit aufgepeitschten Nerven, schweißgebadet in den heißen Abteilen, nähern wir uns langsam dem Ende dieser Eisenbahnfahrt. Sehr früh am Morgen bricht schon das Tageslicht durch. Man sieht bereits die kleinen, zusammengewürfelten Dörfer längs der Bahnlinie mit ihren grün oder braun gestrichenen Holzbalken und Fensterlä-

den. Hier und da brennt noch eine vereinzelt elektrische Lampe. Mit Unbehagen erinnert man sich an die rauchenden und stinkenden Leuchten von damals. Ein Docht in einer kleinen, mit Kerosen gefüllten Flasche, ein wahrer Anziehungspunkt nachts für die Ratten, die einem über den Bauch spazierten und an den Ohren knabberten.





Bahnhof Tambow

Große Unruhe herrscht in den Abteilen. Alles drängt sich ans Fenster, um diese von uns mit Spannung erwartete Stadt nach so vielen Jahren wiederzusehen. Haben wir sie überhaupt jemals gesehen? – Manche wohl, nicht allzu viele. Die meisten der damaligen Gefangenen sind erst kurz vor dem Lager, auf dem kleinen Holzverladebahnhof Rada, ausgeladen worden. –

Aber schon hält die lange Schlange der Wagen. Acht Uhr morgens. Ein großes, schwarzes, fast viereckiges Gebäude: der Bahnhof von TAMBOW. Ja doch, kommt das einem nicht bekannt vor? Die hohen Buchstaben dort über dem Dach: Tambow! Wann war das noch gewesen? Fast 44 Jahre sind das her; dieses dunkle, klobige Bahnhofgebäude erkennt man sofort wieder. Daran hat sich nichts geändert. Oder ist es nur das Gebäude, das immer wieder zurückkehrte in den Alpträumen? – Ankunft in die Gefangenschaft – Rückkehr in die Heimat

– dann kommt man dich wieder holen in die Gefangenschaft – wieder zurück in die Heimat – und wieder wirst du abgeholt, um eingesperrt zu werden, und wieder darfst du heimkehren: immer wieder und immer wieder dieses beklemmende Angstgefühl, dieses «Trauma», Schweißausbrüche und dann erwacht man mit einem Schrei.....! – Dieses «syndrome de stress

post-traumatique des anciens enrôlés de force», wie Dr. Crocq, französischer Psychiater, nach einer kürzlichen, eingehenden Studie sich ausdrückt, ist in Wirklichkeit nie ganz vergangen. (v. Figaro 21.10.88) – Auf dem Bahnhofplatz wartet schon der Intourist-Bus, um uns der Hauptstraße entlang zum Hotel «Tolna» zu fahren. Die Stadt Tambow hat sich schön hochgemausert. Imposante Gebäude links und rechts verdrängen die niedrigen Holzbauten aus alter Zeit. Das Hotel macht keinen schlechten Eindruck, die Zimmer sind sauber und nett. Toiletten und Duschräume bedürfen einer Reparatur oder Modernisierung, aber wir sind schließlich nicht




Soldatenfriedhof Tambow

in einer Großstadt, wo andere, internationale Maßstäbe gelten. Tambow hat kaum Tourismus, möchte aber gern, und man versucht mit allen Mitteln, Fremde anzuziehen. –

Nach der Zimmerverteilung wartet ein ausgiebiges Frühstück auf uns. Ein warmer Empfang in einem eigens für uns hergerichteten Essraum, die luxemburgische neben der sowjetischen Fahne auf dem Tisch, und die herzlichen Begrüßungsworte des Intourist-Vertreters von Tambow. Unsere Begleiterin, Frau Larissa, übersetzt auf Deutsch und wiederholt in Russisch unsere spontane Anerkennungs- und Dankesworte. –

Die Intourist-Vertretung von Tambow hat ein genaues, detailliertes Programm aufgestellt für die beiden Tage, die für unseren dortigen Aufenthalt vorgesehen sind. Gleich nach dem Frühstück vorerst eine kleine Stadtrundfahrt durch Tambow, Kernstück des Schwarzerdegebietes, mit etwa 300.000 Einwohnern, drei Stadtbezirken, Hauptstadt des Tambowgebietes mit 1.350.000 Einwohnern in 22 Bezirken. Hauptindustrien: Maschinenbau, Tuch-, Leder- und Farbfabriken; in der Landwirtschaft werden besonders Mais, Zuckerrüben und Kartoffeln, aber auch Weizen und Roggen angepflanzt. Vor zwei Jahren hat die Stadt feierlich ihr 350tes Jubiläum gefeiert, bei welcher Gelegenheit eine Spezialbroschüre veröffentlicht wurde. Einem jeden von uns wird eine der damals geprägten Anstecknadeln «TAMBOW 1636-1986» geschenkt.

Nach einem kurzen allgemeinen Dokumentarfilm «Von vier Seiten ist Rußland» im Gemeindesaal, Besuch des Soldatenfriedhofs Wosdwi-schenski. Der Friedhof ist über und über mit Blumenkränzen belegt, noch vom vergangenen Montag, dem 9. Mai, dem Nationalgedenktag an die Millionen und Abermillionen Sowjetbürger,



Tambov Friedensstatue «Mutter Heimat»

die im letzten Krieg ihr Leben lassen mußten. Intourist-Vertreter Valentin erinnert in treffenden Worten an dieses Ereignis und führt uns zu dem, mit 5.000 Namen von Tambower Gefallenen versehenen halbkreisförmigen Denkmal, wo ein Blumengebinde bereitsteht, das von uns bei der aus Stein gemeißelten Statue «Mutter Heimat» niedergelegt wird. Hierauf kehren wir zum Zentrum der Stadt zurück,

wo ein rundes Ehrenmal mit vier diagonalen Zugangswegen an alle Opfer des Krieges 1941-1945 erinnert. Dieses Nationalmonument «Ewige Flamme des Ruhmes» wird von jungen Studenten und Studentinnen rund um die Uhr bewacht, die, mit einer Kalaschnikow bewaffnet, im Paradeschritt zur halb-oder stündlichen Wachablösung aufziehen, um dann wieder gegenüber im Schulgebäude am Unterricht teilzunehmen. Auf den «Schießprügel» im Arm dieser jungen, für den Frieden das Ehrenamt verse-



Tambov Kriegsdenkmal Ewige Flamme des Ruhmes




henden Komsolsken angesprochen, lautet die Antwort unserer Begleitperson keineswegs ausweichend: ja, das Schießessen sollte man lieber weglassen! — Auch hier stehen für uns Blumen bereit, die wir neben die vielen vom Feiertag herrührenden, niederlegen und eine Gedenkminute verweilen, um die Sowjetbürger zu ehren, die, genau wie wir, unter Nazideutschland gelitten haben, und wovon so viele gestorben sind. — Die uns begleitenden Russen sind sich unterdessen in Gesprächen mit uns klar geworden, daß das für sie so winzig kleine Luxemburg ein eigenständiges Volk ist, das gewagt hat, gegen den Riesen Nazideutschland aufzumucken und, durch gezielte Verfolgung, hierdurch nach der Sowjetunion prozentual die meisten Opfer durch den zweiten Weltkrieg zu beklagen hat. —

Auf der Rückfahrt zum Hotel, am Fluß Tsna vorbei, statten wir der, von einem früheren Kloster übriggebliebenen Christus-Auferstehungskirche einen Besuch ab. Wertvolle alte Ikonen und Kirchenschätze werden liebevoll von älteren Damen betraut und bewacht. Die umgebenden alten Wohnungen dieser Frauen erinnern stark an das Béguinage von Bruges. —


Nach dem reichhaltigen Mittagessen im Hotel steht der Bus bereit, um uns zu unserem Hauptziel zu bringen, Kirsanow — oder vielmehr dem Soldaten-Friedhof von Kirsanow. Die Fahrt geht aus Tambow heraus über eine Straße — wenn man sie so nennen will — die vom Buschauffeur volle Aufmerksamkeit verlangt, um den vielen Schlaglöchern auszuweichen. Anfangs an einem langgezogenen Wald vorbei, dann zu beiden Seiten die weit entlegenen Kolchosen und Sowkosen, mit jeweils separaten Landwirtschaftsbetrieben, sei es Rinder- oder Schweine- oder Schafzucht, sei es Getreide- oder sonstiger Feldanbau. In die tiefe Ebene hinein zieht sich die schlechte Straße, viel weiter entfernt, als wir angenommen haben. 110 Kilometer sind wir gefahren, bevor ein hohes, senkrechttes Schild uns die Stadt KIRSANOW anzeigt. —

Auch in Kirsanow ist das Programm genau festgelegt. Vorerst findet ein Treffen im Stadtrat der Volksabgeordneten statt, d.h. ein freundlicher Empfang im Gemeindesaal mit Getränken und Gebäck. Die Vorsteherin stellt uns die Stadt Kirsanow vor, die immerhin inzwischen eine Einwohnerzahl von 25.000 erreicht hat, und spricht von den Errungenschaften der Stadt, die es gilt zu bewahren und auszubauen. In unserer Antwort danken wir für den herzlichen Empfang und drücken unsere Anerkennung aus, daß es uns erlaubt wurde, endlich nach langen, verblichenen Versuchen, die Stadt Kirsanow besuchen und uns auf den Friedhof begeben zu dürfen, wo unsere Kameraden, alle Zwangsrekrutierte und Naziopfer, ihre letzte Ruhestätte gefunden hätten. —

Endlich ist es soweit, daß der Bus uns zum Friedhof für ausländische Soldaten bringt. Tie-



Tambow  
Christus Auferstehungskirche



Stadttafel Kirsanow

